Dës Woch as den Auteur vun eiser kultur direkt Säit de ***Jacques Steffen***. Säin Uleies mat dësem Text as awer manner kulturell ze gesinn. Dëm Professer um Fieldgen, dee scho méi oft Rezensiounen a lëtzebuerger Zeitungen geschriwwen huet, geet ët hei éischter dorëm e soziale Problem, deen Handikapéierter dacks begéinen, ze beliichten.

Den Zinemasowend

De Rob huet scho méi laang op dëse Film gewaart. Haut den Owend ass et esou wäit, e gräift un: *Maacht iech prett, ech kommen!* rifft e fir sech selwer, a freet sech op säin Zinemasowend.

- *Ciné Dreams, bonsoir.*
- *Bonsoir, ech hätt gär eng Plaz fir "A Midsummer Night's Dream".*
- *Jo, um 18 Auer oder um 20 Auer, w.e.g. ?*
- *Um 20 Auer.*
- *Ären Nummero ass de 471. Huelt Äre Billet w.e.g. eng véirel Stonn virum Film ewech. Merci.*
- *Merci och.*

Am Auto duecht en nach: *Ech misst méi dacks eraus, eraus an d'Gesellschaft, méi de Kontakt sichen, manner doheem mouerzen ...*

De Verkéier op der Strooss ass onheemlech, wéi geméinlech em déi Zäit. D'Leit si wéi benzeg, well d'Wieder ass ideal fir op enger Terrass z'iessen oder e Patt ze drénken. Fir de Rob steet awer de klimatiséierten Zinemassall um Programm.

Hie wonnert sech iwwert déi wëll Chauffeuren, déi just eent am Kapp hunn: méi séier wéi déi aner an der Stad sinn. E wosst och ewell schon, dass d'Sich no enger Parkplaz schwéier, jo esouguer onbaarmhäerzeg wäert sinn. Et sief dann, seng reservéiert Plaz wier nach fräi ...

En huet gespuert: Et läit Shakespeare an der Loft.

Vu wäit ewech richt et verbrannt.

Beim Zinema gesäit en déi sëllechen Autoen, meeschtens falsch geparkt, séier bäigeknetzelt a gedruddelt, den Trottoir voll getässelt oder mat zwéi Pneuen am Virgäertche vu Privathaiser.

Seng lescht Chance, eng Plaz fir behënnert Chauffeuren, huet en ugezunn, mee e weess et am viraus: Och déi ass net méi ze kréien. Hie weess e Liddche vum Feele vu Respekt bei ville Leit ze sangen. An et ass eréi esou dacks: Net nëmmen een, mee gläich zwéin Autoen hu seng Parkplaz blockéiert.

Seng Enttäuschung ass grouss, seng Nervositéit ass gewuess. Hien huet een Zidderen am rechtsen A gespuert, säi lénkst Been huet ugefaange sech selbständeg ze maachen. Hie konnt just nach d'Aen zouman, an ofhiewen.

* * *

De Rob huet gespuert, dass e lues awer sécher ausser Otem komm ass. Mat laangen, grousse Schrëtt leeft en, esou séier wéi et geet, d'Strooss erop. Erop huet hien et am léifsten, d'Ustrengung ass da méi grouss an e spiert all Muskel a senge Been an a sengen Äerm. E spiert wéi seng Gelenker gewieweg ginn, e sprëngt vum Trottoir an d'Strooss, kuckt net no lénks an net no rechts, nach e puer Schrëtt, a mat engem Saz ass en op däer aner Säit.

Am beschte fënnt e, wa seng Muskelen him wéi dinn, wann en d'Ustrengung am ganze Kierper spiert. E giff am léifsten net ophalen, ëmmer weider lafen. Wéi e just nobäi war - en hätt de Bus kënnen upaken - du fiert de Chauffeur un. De Rob flucht, mécht eng Fauscht, weess awer dass d'Lafen em gutt gedoen huet. Den nächste Bus kënnt bestëmmt, mee dee wëllt en nët, dat wir jo ze einfach. E mécht sech léiwer zu Fouss op de Wee.

* * *

Hie reift secht fest iwwert d'Aen, esou fest dass en an der Däischtert vrun den zouenen Ae vill faarweg Punkte gesäit, Kreesser déi liichten eréi Blëtzer ... En huet eréi esou dacks Schwieregkeeten, fir nees zou sech ze kommen ... d'Erënnerong u fréier deet ëmmer nach wéi!

De Rob reift sech nach eng Kéier iwwert d'Aen, gräift mat gewinntem Grëff rechts niewend sech, op d'Héicht vum rechtse Rad, paakt de metallenen Hiewel mam schwaarze Plastik fest un, a léisst d'Brems mat engem Ruck sprangen. E schaarft Klécke seet him, dass e ka fueren. Seng zwou Hänn sinn elo op de kalen, alluminiums Reefer, laanscht de Pneuen, an en dréckt sech ganz duuss an ouni vill Ustrengung weider ... 't sinn nëmmen dräi oder véier Meter.

En hält un, mécht d'Brems nees zou a fiert mat ziddregen Hänn a seng Paltongstäsch. E kaalt, plastiks Gefill op sengen Hänn, bal ekeleg ... E gräift zou, hält déi iewescht Kaart eraus, kuckt se mat verbattertem Bléck. Lues sicht en, um hënneschten Deel vun der Kaart, en Eck, diebelt en e bëssen, sou dass d'Kaart sech vum speckene Pabeier léist. En zitt un der Kaart an hält dee gediebelten Eck mat der lénkser, hallef spastescher Hand fest. En hofft dass déi puer Reendrëpsen op der Autosfënster him säi Plang net zerstéieren.

Seng Ae fénkelen, deels vu Roserei, deels awer och vu Freed, wéi en d'Pechbild op déi viischt Autosfënster dréckt, gutt fest, ronderem d'Bore gutt ugedréckt, fir dass de Chauffeur herno seng Aarbecht wäert hunn, fir säi Cadeau erofzekrazen. En hofft ëmmer, dass eng Gillette oder eng Spachtel musse gebraucht ginn, dass esouguer White Spirit muss an den Asaz kommen, fir de Pech ze léisen, an dës Sauerei nees erof ze huelen, ... jo, e wënscht sech dass de Chauffeur seng eegen Autosfënster zerkraazt.

De Rob kuckt nach eng Kéier de bloen Ziedel mam wäisse Rollstull dropgemoolt, a mat der liichtender Schrëft:

Wann s Du scho meng Behënnerteparkplaz hëls, da kanns Du jo och meng Behënnerung iwwerhuelen!

Lues léisst e sech hannerzeg rullen, hieft sech mat Schwonk op säin Autossëtz a mat sécherem, feste Grëff, klappt en de Stull zesummen, hieft en an den Auto an denkt : *Alt nees eng Kéier kanns de den Zinemasowend vergiessen.*

Hie léisst de Motor vu sengem Auto usprangen, dréckt automatesch seng manuell Knäppercher, gëtt Gas, léisst d'Brems lass, a fiert lues fort.

* * *

De bloen Himmel erlaabt him et, wäit ze gesinn. Hie schwieft héich an der Luucht a kreest ëmmer nees iwwer d'Stad. D'Haiser, d'Beem gi méi kleng. Hie genéisst et, fräi ze sinn, esou héich hin an hier ze schwiewen. Déi Stad, déi him esou dacks Schwieregkeete mécht, an däer hien net iwwerall hi kënnt, elo huet e se fest am Grëff. De Wand bléist em duerch d'Hoer, laanscht de ganze Kierper, ... et ass e Genoss.

Stuerakzeg léisst e sech e bëssen eroffalen, laacht iwwer d'ganzt Gesiicht, jäizt vu Freed an Zefriddenheet. E kritt nees Opdriff, vum selwen. 't ass bal fir vu Begeeschterung nieft de Kapp ze kommen.

Op der Autobunn ass e Stau: e gesäit de Gallem vun den Ofgasen iwwert der Stad leien. Den Duercherneen do ënnen ass eppes wéi e Seechomëssekoup, d'Leit bësele wéi geckeg hin an hier. Am léifste giff en ni méi erof goen, ...

Wéi en nees lues a lues op eng méi normal Héicht kënnt, a méi genee nees erkenne kann, wat alles esou do ënne passéiert, du gesäit en de Chauffeur bei sengem Auto fluchen, mam Fouss an de Buedem rennen.

* * *

Dee rosenen Tipp versicht d'Pechbild vu senger Autosfënster ze rappen, kritt awer emol net dat klengste Stéck ze paken. E probéiert mat de Fangerneel de Plastik opzeräissen, mee et geet einfach net ... 't ass alles ëmsoss.

Voller Roserei geet de Mann vru säin Auto, bei d'Verkéiersschëld vun der reservéierter Parkplaz a versicht et erauszerappen. D'Schëld sëtzt fest am Buedem, ... 't ass näischt ze maachen. De wëlle Kärel, deem vun elauter Roserei wäisse Schaum vrum Mond steet, rappt esou fest um Schëld, dass de Poteau lues a lues ëmmer méi kréckelt, knéckt, brécht, an zu gudder Lescht op de Buedem fält.

De Chauffeur paakt d'Schëld a geheit et de Rambli viru sengem Auto erof. Iwwerdeem jäitzt en: *"Alles Aaschlächer*".

Säi Gesiicht ass rout vu Roserei, verzu vu Queeschheet, en ziddert um ganze Kierper. De Mann geet bei säin Auto, facht mat der Fauscht op den Daach dass et kraacht, klaakt d'Autosdir a fiert fort, dass d'Pneuen nëmmen esou päifen.

"O waart, Männi, dech kréien ech!" seet de Rob, pëtzt d'Ae fest zou, a wéi eng Rakéit geet et lass.

* * *

An Nullkommanix huet en den Auto erëm an ass direkt dobannen. De Chauffeur, rout am Gesiicht, kacht vu Roserei a rennt eréi e Schwäin: E respektéiert näischt ...

De Rob weess, wat e maache muss. Mat engem liichte Summe flitt en dem Chauffeur laanscht d'Oueren. Dee gëtt ëmmer méi wëll, facht rondëm sech, a scho sëtzt de Rob am Ouer, klëmmt den Ouerekanal erop, bis e mat voller Kraaft widder d'Trommelfell stéisst, ëmmer nees, schéi regelméisseg, ouni opzehalen. De Chauffeur jäizt, de Rob laacht a versicht esou haart wéi nëmme méiglech ze summen, widder ze knuppen an ze bueren.

* * *

De Chauffeur rifft just nach: *"Ech gi geckeg!*", rappt um Steierrad ... Den Auto kraacht wéi vum selwe widder d'Tunnelsmauer, iwwerschléit sech zweemol, dräimol, a bleift um Daach leien. De Blech zerknautert, d'Glas fiert an dausend Stécker. Ennert dem Motor sammelt sech direkt e grousse Pull vu Bensin a Blutt. De Chauffeur kënnt nët aus dem Sëtz eraus, e jéimert.

Vu wäitem zerfatzt d'Sireen vun enger Ambulanz d'Rou vun der Summernuecht.

Et richt verbrannt ...

Mat roueger Hand fiert de Rob a seng Paltongstäsch an zitt de Pak mat de Pechbiller eraus. E kuckt se, schmunzt, laacht fir sech selwer. E reift séier eng leschte Kéier iwwert d'Aen ...

Et louch wierklech Shakespeare an der Loft ...

Hier parkt eine behinderte Person oder ein RÜCKSICHTSLOSER Autofahrer

Ici stationne une personne handicapée ou un conducteur SANS SCRUPULES